


# Gala 2018

# Filméiwer

**24. Mäerz 2018**
**um 20 Auer**

**am Tramsschapp**
**um Lampertsbierg**

**Direktioun: Christian Block**
**Presentatioun: Carmen Schmitz**
**Fräien Entée**

**Stad- a Lampertsbierger Musek asbl**



# Music & Tools

**luxembourg**

vente - location - réparation
instruments de musique

**www.musicandtools.lu**






Des Brochure gëtt erausgi vun der Stad- a Lampertsbierger Musek asbl
Adress: BP 277 • L-2012 Luxembourg
www.hmll.lu
contact@hmll.lu
CCPL IBAN LU42 1111 0134 9916 0000
D'Stad- a Lampertsbierger Musek seet all deene Leit déi un dëser Editioun matgeschafft hunn e grousse Merci! Fir Form an Inhalt vun den Artikelen ass eleng den Auteur verantwortlech.
Oplo: 5000 Exemplairen
E grousse Merci och un all d'Annonceur'en fir hier Ënnerstëtzung.

# Wuert vum President - Mot du président

Léif Lampertsbierger,
Léif Museksfrënn,

Mat grousser Freed invitéieren ech Iech alleguer ganz häerzlech op de Galaconcert 2018 vun der Stad- a Lampertsbierger Musek.

Ënnert dem Titel « Filmféiwer » entféieren d'Musikanten Iech an déi villsäiteg Welt vun der Filmmusek. Säit engem gudde Joer steet den Orchester ënnert der Leedung vun onsem Dirigent Christian Block, dee vill Aarbecht an Zäit an d'Virbereedung vu sengem zweete Galaconcert um Lampertsbierg investéiert huet. Loosst Iech iwwerzeegen dass sech den Opwand gelount huet a genéisst e flotte Museksowend.

Ech ginn Iech also Rendezvous de 24. Mäerz 2018 um 20 Auer am schéine Kader vum alen Tramsschapp.

Mat musikalesche Gréiss,

André Hever,
President

Chers habitants du Limpertsberg,
Chers mélomanes,

C'est avec un immense plaisir que j'ai l'honneur de vous inviter cordialement au concert de gala 2018 de l'Harmonie Municipale Luxembourg & Limpertsberg.

Sous le titre « Filmféiwer », les musiciens vous feront découvrir le monde varié de la musique de films. Depuis un peu plus d'une année, notre orchestre est placé sous la direction de notre chef d'orchestre Christian Block, qui a investi beaucoup de travail et de temps dans la préparation de son deuxième concert de gala au Limpertsberg. Laissez-vous convaincre que les efforts ont valu la peine et passez une agréable soirée musicale.

Au plaisir de vous accueillir le 24 mars 2018 à 20 heures au centre culturel « alen Tramsschapp », recevez mes salutations musicales,

André Hever,
Président




Independent café

6, boulevard F. D. Roosevelt L-2450 Luxembourg
Tél.: 27 47 87 78
indies@pt.lu
fb.com/IndiesCafe

# Léif Museksfrënn

Et ass menge Museker a mir ee Pleséier, fir Iech op eisen nächste Gala-Concert mam Titel „Filmféiwer" z'invitéieren. No engem gelongene Gala-Concert am Joer 2017 mam Motto „HMLL goes Rock & Pop" presentéiere mir Iech dëst Joer och erëm een ofwiesslungsräiche musikalesche Programm aus der Welt vun Hollywood a Co.

Um Menü steet Musek aus de verschiddenste Kategorië vu Filmer. Ugefaange mat Musek aus dem Film „The Great Escape" (1962), an deem et iwwer Gefaangeschaft vu Zaldoten aus dem 2. Weltkrich geet, iwwer e Potpourri aus dem Wëlle Westen, Musek vum Alfred Hitchcock bis hin zu de Filmer vum Indiana Jones a der Legend vum Robin Hood.

Den 2. Deel vun eisem Concert fléie mir an de Weltall a retten d'Äerd virum engem grousse Meteorit mat Musek aus dem Film Armageddon. Uschléissend héiert Dir Melodien aus de Filmer vum James Bond. Eng Libesgeschicht däerf natierlech och net feelen, dëst mat der Geschicht vum Karen Blixen aus dem Film Out of Africa. Ier mir mam Phileas Fogg an 80 Deeg ronderëm d'Welt reesen entféiere mir Iech an d'Réimerzäit bei Gladiatoren.

Ech well un dëser Plaz profitéieren, fir menge Museker an och dem Comité Merci ze soen, fir déi Aarbecht an deen Asaz, deen si mat enger Selbstverständlechkeet an deene leschte Wochen opbruecht hunn. Nëmmen esou war an ass et méiglech, een usprochsvolle Programm, wéi Dir en och dëst Joer erëm presentéiert kritt, op d'Been ze setzen.

Meng Museker an ech freeën eis, Iech bei eisem Gala 2018 begréissen ze kënnen a mir wënschen Iech elo schonn ee schéinen an onvergiesslechen Owend.

Christian Block
Dirigent vun der Stad a Lampertsbierger Musek






JMK agence d'assurances | Bâloise Assurances

Agence Générale Jean-Marie Kuborn

54, rue Principale • L-8365 Hagen

GSM : 621 24 78 24 • agence.kuborn@baloise.lu

Baby Belly by Priscilla

Magasin (200m²) de puériculture, chambres enfants,
vêtements de grossesse et d'enfants de 0 à 7 ans, liste de naissance.

**54, rue Principale L-8365 Hagen Tel: 26 10 89 89**
**www.babybelly.lu info@babybelly.lu**





BGL BNP PARIBAS

La banque d'un monde qui change

# SIEWEBUREN

## HOTEL - RESTAURANT




36, rue des Septfontaines ◦ Téléphone 44 23 56 ◦ Fax 44 23 53
L-2534 LUXEMBOURG - ROLLINGERGRUND

| | | |
|---|---|---|
| **Heures d'ouverture:** | de 12.00 à 14.00 heures | la cuisine chaude est ouverte |
| | de 12.00 à 22.00 heures | petite carte |
| | de 18.00 à 22.00 heures | la cuisine chaude est ouverte |

Propriétaire: Famille EWEN

# Museker/innen gesicht

Musek spillen ass e groussen Zäitverdreif deen en héije Stellewäert an onser Gesellschaft huet. Mir siche Musekerinnen a Museker fir ons Reien opzeréschten. Sidd dir selwer e fréiere Museker oder kennt dir Museker, déi en Instrument spillen an déi Loscht hätten, an enger flotter Equipe aktiv Musek ze spillen? Da schéckt se an d'Stad- a Lampertsbierger Musek. Mir prouwen all Freides vun 19:30 Auer bis 21:30 Auer an der Victor Hugo Hal um Lampertsbierg.

Mir géingen eis freeën dech als feste Museker bei eis begréissen ze dierfen.

Fir weider Informatiounen: www.hmll.lu

**LA TORRE**

**Restaurant Pizzeria**







82, avenue du Bois
L-1250 Luxembourg-Limpertsberg
Tel.: 47 18 71
www.latorre.lu

# 1. Deel

## THE GREAT ESCAPE
vum Elmer Bernstein
arr. Roland Smeets

*Offréiert vum Här a Madame Joachim Block*

---

## THE WILD WEST
arr. Roland Smeets

- The Son of Katie Elder
- The Alamo
- The Outlaw Josey Wales
- Winnetou
- Cahill, US Marshall

*Offréiert vun der Madame Marie-Anne Millim*

---

## THE ALFRED HITCHCOCK HOUR
vum Charles Gounod
arr. John Glenesk Mortimer

*Offréiert vun der Madame Lydie Polfer*

---

## RAIDERS OF THE LOST ARK
vum John WIlliams
arr. Jack Bullock

*Offréiert vun der Madame Marguerite Redondo*

---

## ROBIN HOOD - PRINCE OF THIEVES
vum Michael Kamen
arr. Paul Lavender

- Main Title - Prince of Thieves
- Everything I do, I do it for you
- The abduction and the final battle at the gallows

*Offréiert vun der Famill Roger Braun-Schmitz*

*DIREKTIOUN: CHRISTIAN BLOCK*

# 2. Deel

**ARMAGEDDON**

vun Harry Gregson-Williams
arr. Erick Debs

*Offréiert vun der Madame Simone Beissel*

---

**THE BEST OF BOND**
- From Russia with love
- Goldfinger
- You only live twice
- The James Bond Theme

vum John Barry
arr. Ray Woodfield

*Offréiert vum Här Jean Flesch*

---

**OUT OF AFRICA**

vun John Barry
arr. Johan de Meij

*Offréiert vun der Madame Christine Hackmann*

---

**GLADIATOR**

vum Hans Zimmer a Lisa Gerrard
arr. Frank Bernaerts

*Offréiert vum Här a Madame Marc Hever-Lambert*

---

**AROUND THE WORLD IN 80 DAYS**

vum Victor Young
arr. Otto M. Schwarz

*Offréiert vun der Famill Terras*

*PRESENTATIOUN: CARMEN SCHMITZ*












RENAULT

Garage THOMMES
Heffingen • Mersch
www.thommes.lu

DACIA

Boucherie MEYRER
Luxembourg 1967

7, route de Luxembourg
L-5752 Frisange
Tel.: 26 67 14 14

32, rue Pierre Krier
L-1880 Luxembourg
Tel.: 49 38 89



Herren-mode Damen-mode Uniformen

DIGEL
THE MENSWEAR CONCEPT

MODEHAUS FISCHER KG
am Bahnhof · Nennig

Tel.: 0049/6866-330
Fax: 0049/6866-12 98
www.mode-von-fischer.de

# FLEURS KLOPP

5, rue de la Faïencerie
L-1510 Luxembourg
Tél.: +(352) 22 33 31
Fax: +(352) 47 51 56
www.justflowers.lu

Das sympathische Musikhaus in Trier




Musik KRÖGER TRIER

Riesen Auswahl an Musikinstrumenten · zum Testen, Mieten, Kaufen, Verschenken..

Verkauf und Reparatur

Saarstraße 34 · 54290 Trier · Tel.: 0049/651/49261

www.musik-kroeger.com - www.kroeger-trumpets.com - info@musik-kroeger.com

# Onsen Hämmelsmarsch



Den Hämmelsmarsch 1957 an der Ermesinde-Strooss

Um Ufank hate mer dës Melodie, déi am Klackespill vum Mansfeldschlass a Clausen erklongen ass. Nodeems de Mansfeld (1517-1604) gestuerwe war, huet een dës Melodie vum Hämmelsmarsch am Klackentuerm vun der neigebauter Kathedral (1621) an der Ënneschtgaass héieren. Haut erkléngt se nach zweemol pro Dag, awer nëmmen an der Schueberfouerzäit.

D' Schueberfouer ass vun 1610 un um Glacis ofgehale ginn an am Laf vum 17. Joerhonnert sinn hei op Fouersonndeg op der Keelebunn an um Schéissstand Concouren ofgehale ginn, wou e fetten Hammel als Haaptgewënn ausgesat war. Als Trouschtpräisser sinn Zënnen-Telleren mat Motiver vum Mansfeldschlass an dem Ëmzuch vum Hämmelsmmarsch verdeelt ginn. Dëse Cortège mat Hämmelen a Musikanten, déi d'Hämmelsmarschlidd gespillt hunn, ass am Stadzentrum fortgaang an duerch d'Neipuert op d'Fouerplaaz gezunn. Dës Traditioun ass vun der Sebastiansbrudderschaft an d'Liewe geruff ginn an no 1837 vum éischte Sportsveräin aus der Stad, der „Société des Arquebusiers", genannt „d' Schéiss" weidergefouert ginn.

Vu wou dëst Lidd soll hierkommen, huet bis haut nach keen erausfond. Déi eng mengen aus dem Norde vun Italien, anerer soen aus der Belsch oder et wäer matbruecht ginn vun dem Grof Mansfeld sengen Zaldoten, déi vun iwwerall hierkoumen, dës Spekulatiounen konnten awer net bewise ginn.

1926 liese mer am Artikel „Carillon" vum Charles Larue an der „Luxemburger Zeitung", dass ons Hämmelsmarsch-Melodie „l'hymne familial des Mansfeld" war. Bis 1920 ass dëst Lidd oder de „Feierwon" oft als Nationalhymne gespillt ginn, bis dann awer „Ons Heemecht" offiziell festgehale gouf.

Den „Hämmelsmarsch" gëtt haut a villen Uertschaften als Optakt vun der Kiermes gespillt, meeschtens ouni Hämmel, awer mat vill Erfolleg fir d'Veräinskeess opzebesseren.

# Impressioune vun eisem Gala 2


















# 017 - HMLL goes Rock & Pop


















Auto-Moto-Ecole




47, avenue Pasteur
L-2311 Limpertsberg
Luxembourg
tel: 46 16 36
Fax: 26 20 09 09
www.autoecolepepe.lu

# WE PRINT TALENT.

**VOUS ÊTES ÉCRIVAIN, ARTISTE, PÉDAGOGUE OU ÉDITEUR ?**
NOUS SOMMES À VOTRE SERVICE POUR RÉALISER VOS OUVRAGES.
**DU ROMAN AU LIVRE D'ART, DU GUIDE TOURISTIQUE AU MANUEL SCOLAIRE.** AVEC LA QUALITÉ, LA FIABILITÉ ET LA PROXIMITÉ À LA HAUTEUR DE VOTRE TALENT.

WEPRINT
**VOTRE IMPRIMEUR AU LUXEMBOURG**
TÉL : 43 84 86-1 | WWW.WEPRINT.LU

Harmonie Municipale Luxembourg & Limpertsberg asbl
BP 277
L-2012 Luxembourg

www.hmll.lu

contact@hmll.lu

hmll.lu/member

fb.com/hmll.lu

hmll.lu/events

WP PRINTED IN LUXEMBOURG